Jaerling Aly
Volléksvertrieder
1 Otherstrooss
Postkëscht 269
L- 4003 Esch/Uelzecht

Esch-Uelzecht, den 2. am Hartmount 2008

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
02 JAN. 2008
Q 2199

Här
Lucien Weiler
President vun der
Deputéiertechâmber
19 um Krautmaart
Lëtzebuerg

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Ufro un den Här Mëttelstandsminister respektiv den Här Finanzminister weider ze leeden:

Laut Gesetz mussen d'Geschäfter eng jährlech Tax vun 55 Euro fir Autorenrechter fir d'SACEM bezuelen.
Déi Geschäfter, déi un eng Gemeinschaftsantenn ugeschloss sinn, mussen iwwer déi nach eemool Autrorenrechter mat bezuelen, also zweemool.
Et kann awer nett sinn, datt een fir den selweschten Service zweemool bezillt.
Et ass och einfach nett tragbar, datt an engem Geschäft, wéi zum Besipill bei engem Coiffeur, mussen nach extra Aurotrenrechter bezuelt ginn, wann en sein eegene Radio lauschtert, den un eng Gemeinschaftantenn ugeschloss ass.

Kënnen den Här Minister mer duerfir dës Fro beäntwerten:

1) Wéisou mussen d'Geschäfter, wa se hiren eegenen Radio lauschteren wellen, eemool eng Tax fir d'SACEM bezuelen, an dann nach eemool iwwer d'Gemeinschaftsantenn, wa se dorunner ugeschloss sinn?

2) Waat gedenkt d'Regierung ze ennerhuelen, fir des ongerecht Betaxung ofzeschaafen?

Mat déiwem Respekt

Aly Jaerling
Deputéierten